



**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch an dem Här Premierminister, Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n° 5646 vum 1. Februar 2022 vun vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.**

Virop gëllt et z'ënnerstraichen datt bei engem héijen Prozentsatz vun Infektiounen, d'Infektiounsquell net retracabel ass; d.h. datt déi Leit déi positiv op den Covid-19 getest goufen beim Gespréich mam Contact Tracing, net eendeiteg soen kënnen wou si sech ugestach hunn. Beim Interview deen gefouert gëtt, ginn d'Leit effektiv gefrot ob sie kuerz iert sie positiv getest goufen an engem HORECA Etablissement waren. Zwëschen dem 1. März 2020 an dem 31. Dezember 2021 hunn an deem Sënn 2409 Covid-19 Fäll dem Contact Tracing uginn datt sie kuerz virun hirem positiven Test sech an engem Restaurant, Bar, Café oder Discothék opgehalen hunn an datt hier Infektioun potentiell op dësen Openthalt zeréckzeféieren ass. Et kann allerdéngs fir all dës Fäll nie sécher behaupt ginn datt d'Infektioun effektiv dorop zeréckzeféieren ass. Daat ass just den Fall wann zäitlech begrenzten Clusteren an dësen Etablissementer opgetrueden sinn. Dann ass d'Chance effektiv méi grouss, dat et an deem Kontext zu enger Infektiounsketten komm ass an datt d'Infektiounen op den Openthalt an dësem Etablissement zeréckzeféieren sinn.

D'Unzuel vun den uewen genannten Covid-19 Fäll, déi potentiell a Relatioun mam HORECA-Secteur stinn, war änlech wéi déi vun der genereller Bevëlkerung, d.h. wann d'Infektiounszuelen am generellen an der Bevëlkerung an d'Lucht gaangen sinn, sinn och méi Infektiounen mam HORECA Secteur an Verbindung bruecht ginn. Eng Ausnam ass allerdéngs am Summer 2021 festgestallt ginn wou an deene 3 Wochen no Nationalfeierdag eng gréisser Zuel vun Covid-19 Fäll festgestallt gouf déi am Zesummenhang mat den Festivitéiten vum Virowend vun Nationalfeierdag stungen. Dësen gréissere Cluster ass opgefall, well en mam Variant Gamma a Verbindung stoung an virun Nationalfeierdag, nach bal exklusiv d'Variant Delta hei am Land zirkuléiert ass.

Bis virun Nationalfeierdag 2021, gouf eng potentiell Ustiechung am HORECA-Secteur manner am Contact Tracing erfaasst. Réischt ab deem Moment wou en kloeren Zesummenhang mat engem Ustieg un Infektiounen an den Festivitéiten em Nationalfeierdag festgestallt gouf, gouf d'Datenerfassung vun enger potenzieller Ustiechungsquell am HORECA Beräich méi systematesch gemaach.

Et leien dem Contact Tracing weider keng Detailer vir ob et bei den Covid-19 Fäll déi am Zesummenhang mam HORECA Secteur stinn, eventuell schwéier Verleef an / oder Hospitalisatiounen gouf.

Lëtzebuerg, den 28/02/2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert